# ESOU GET EN EPPES NEIS GEWUER !

E Sketsch fir zwo' Perso'nen
vum Jeanne Steichen

(Zwo' eler Fraen kommen vu béid Seiten vun Bühn eran eventuel op hire Bengel gesteipt)

A. (sou bâl si di eng erbleckst set se fir sech) O mei, muss déi mir och elo nach an de Wé lâfen. 'T muss én sech jo hallef doud jeitzen an da verstét se nach neicht ... Bonjour Madame, gét et iech nach emmer gudd?

B. (ganz hart) En neien Hutt.... Ma jo, ech hu mer en virun e puer Dëg kâft.

A. (nach e bessche mé hârt wé virdrun) Ma nén ech hu gesôt op et iech nach emmer gudd geng goen.

B. Wéi, die groen? ... dien din ech net méi op ....

A. (hârt fir sech) Mei Gott wât én Armut wann eén ower neicht méi verstéet.

B. (beleidegt) Ech wär verkléet.. an dem Hutt hei. Ma dât ass dach de Moud ... wât eng, èren ass dach grad esou en Döppen.

A. (wellt goen) Sot Madame, ech muss goen ech hu keng Zeit......

B. O nén, ech gin net weit, nömmen bis duer hannen an dât Geschäft e puer Äppel kâfen.

A. Mât dir iech Kompott?

B. (ganz interesse'ert) Wéi mecht bankrott?

A. ( lâcht) 't mecht gewöss ée bankrott, wât dir ower Sâche verstitt...

B. (méi verwonnert) Wéi .... de Pitt? ... dien eleiuewen

A. (e besschen iergerlech) Em Gotteswëllen nén...(fir sech) Déi wärt dach elo net matt esou eppes féel goen......

B. (ganz wichteg) Nén....Nén... ech, an eppes soen! ... Ech wärt mech schwéier hidden e Wuert dervun ze soen! ...

A. (ganz opgeregt) A wéi brengen ech déer daat bei, dass ech neischt esou gesot hun... (zu r Madameganz deitlech) Sot Madame, dir hue mech schlecht verstânen... Ech hun neicht esou gesôt....

B. (verwonnert) Streit am Stôt? .. Majo domatt géet et ömmer un... Dann ass necht mé ze wöllen ...........

A. (ganz hârt an deitlech) Da lauschtert dach emol gudd... Dir hutt alles verkéiert héieren ....

B. (wenkt mam Kapp) Ma dät welle mer gläwen... dât si hir Konnen all verléieren .... dât ass secher..

A. (fir sech) A wéi soll ech deer dât nömmen ausschwätzen ... Den owend huet se bestömmt d'Géigend voll gemeet dervun...

B. Schlecht drun...Ma gewöss ass ée schlecht drun... wann een op émol kée Sou méi huet.

A. (ganz nervös) A wéi soll ech hier daat nëmmen beibrengen ...

B. (reselt de Kapp) Nén ... Nén .. do kann alles neischt dengen... dât sôt der gudd.... A wien huet iech et da gesôt...

A. Ma ké Mönsch huet eppes gesôt .. ech och net ... dir huet alles verdréit.....

B. (ganz interesseéiert) Kuck elei... Gallese Gréit... Ech wéis nömmen gär wou dât alles eraus kritt.

A. (ganz nervös) O mei, well gin euh ower nervös... 'T ass ower en Ongleck wann én wsou enger aaler Kréischel iwer de Wé léft....

B. (verwonnert) Wien huet gedéft?....

A. (ongedelleg) O mei, o mei, .... t'get ömmer mé schéin... Do geseit én ower wéi falsch Gesprecher entstinn.....

B. De Frinn .... ère Nôper ... Huet dir eng Bonbonnière kritt....

A. (lâcht) 't muss éen nach lâchen, méi et ass ower allerhand...

B. E schéint Kand... dât gläwen ech ... Si an hien sin och keng iwel.

A. (ganz deitlech) Sot Madame ech muss elo goen ....

B. (virwötzeg) Wät konnt dir net soen.....

A. (be's) Neischt... ech muss elo goen hun ech gesôt...Meng Zopp stét um Feier....

B. Je...je.... huet d'Sophie e Freier?.....

A (set der et an d'Oer) Nén... ech hu gesôt meng Zopp stét um Feier ech muss goen soss ass déi ugebrannt.

B. Majo gewess... Ech hun d'Sophie gudd kannt... Wien ass da sei Freier?

A. (fir sech) Mei Gott wéi soll ech hei fortkommen...

B. E gudden Dommen .. Wât der net sôt.... Nu je hat ass och dèr aller gescheiter ként......

A. Dât ass jo wuel wouer.....(ganz deitlech) Ma ech hu net vum Sophie geschwât....

B. (lâcht) Hätt et de Josy gär gehât... dat glewen ech.. ma dien ass net domm genug.....

A. (be's) Wât eng Frâ ass dat awer... déi hätt awer besser net méi enner d'Leit ze goen ... ' ka jo kén Mönsch e verstännegt Wuert méi mat där schwetzen...

B. (helt d'Hand bei d'Oer) Wéi, wât sôt der.....

A. (iergerlech) O et wier net schlecht wann dir iech emol gengt éer Oere botzen lôssen.

B. (ganz interesse'ert) Wen ass rôsen?....

A. (ganz be's) Ma ech... Well dir alles sou falsch verstitt.....

B. Sou....sou... huttt dir iech mat èrem Mann zerstritt?....
Dât kent alt emol fir... Ech hun och hei ans do Kamédie mat mengem.. ma 't muss én net alles eescht huelen wât se soen ... Mei kennt dachs op dé gelungenst Sâchen .....

A. (fir sech) Wann si et alt net ass déi op de gelungenst Sâchen kent. De Hantéierung gesé ch ech emol gär.... Dén arme Mann, dié kritt bestömmt eppes eraus....

B. Ah sou. Ere geng emmer gären eraus... Mei Gott, wât wellt der do mâchen... Da sitt der och alt geplôt.....

A. (iergerlech) Elo get et awer zeit....(si get der âner d'Hand) Aurevoir Madame... Ech muss goen... (an engems se se'er eraus gét) Hoffentlech wärt ech dèr Totz sou bâl net méi begéinen....

B. (reselt de Kapp) Do hut der Recht.... D'sn der emmer déi en de Kapp verdréinen...(an engems se lues eraus gét) Jo... jo so ass dât....
'Get éen awer emmer eppes neis gewuer, wannn én der Madame Frunnes begéint.... ower wann et iwer hire Kaméidi gét, da mecht se sech emmer séier ewech........

==========================
==========================
==========================